

(La séance publique est ouverte à 08.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Mme Yuriko Backes**, Ministre | Nee, Här President.

## 2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Léon Gloden

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech géif dann direkt d'Wuert ginn un den honorabelen Här Léon Gloden fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. Léon Gloden** (CSV), auteur | Merci, Här President. Ech deposéieren hei eng Proposition de loi an dem Dossier Karriere vun der Police B1, C1. Mir hunn des Éfteren iwwert déi Problematik hei am héijen Haus geschwat. D'Regierung huet viru Kuerzem e Projet de loi deponéiert opgrond vun deenen Arrête vum Verfassungsgeriicht a vun der Cour administrative.

Wéi ech dat schonn e puermol hei gesot hunn, geet eis dee Projet de loi net wäit genuch. D'Urteel vun dem Verfassungsgeriicht a vun der Cour administrative ass kloer: Et muss eng Upassung automatique komme fir all déi, déi en Ofschlossdiplom hunn, Treizième oder Première. An duerfir, dat ass dat, wat des Proposition de loi virgesäit. An ech deposéieren dann am Numm vun der CSV déi Proposition de loi.

8280 – Proposition de loi du 19 juillet 2023 portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden.

## 3. 8207 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée en vue de la transposition de la directive (UE) 2020/284 du Conseil du 18 février 2020 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne l'instauration de certaines exigences applicables aux prestataires de services de paiement

Op eise Ordre du jour vun de Moie steet de Projet de loi 8207, d'Upassung vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Lutte géint d'Steierhannerzëiung am Beräich vun der TVA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur vun deem Projet de loi ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Här President, léif Alleguer, an enger globaliséierter an digitaliséierter Welt ass et wichteg, dass Lëtzebuerg permanent neiste Standarde gerecht gëtt, fir der Entwécklung vun eiser Wirtschaft a besonnesch vun eiser Gesellschaft Rechnung ze droen.

D'Europäesche Kommissioun huet an deene leschte Joren eng Rei Direktiven a Reglementer ausgeschafft, fir deenen Effort zesumme mat all den EU-Memberstaaten unzuegoen. Déi national Verwaltungen, déi kënnen nämlech net de weltwäiten Handel ganz

eleng verfollegen, an dowéinst muss op europäeschem Niveau zesummegeschafft ginn.

Lëtzebuerg huet an der Vergaangenheet des europäesche Initiative séier ëmgesat. Den Enregistrement schafft och elo drun, fir deenen zousätzleche Baustee séier ze integréieren, soudass den elektronischen Handel nach besser encadréiert ka ginn.

An deem Kontext oder an deem Kader presentéieren ech Iech haut de Rapport zum Gesetzesprojet mat der Nummer 8207, deen de 5. Mee vun deem Joer hei am Haus deposéiert ginn ass. Heimat gëtt d'EU-Direktiv vum 18. Februar 2020 iwwert d'Aféierung vun Ufuerderunge fir Dénsgschtleeschter vu Bezuelungsservicer oder Bezuelungssystemer an eist nationaalt Recht iwwerdroen.

D'Zil vun deser Richtlinn, vun deser Direktiv ass et, fir géint den TVA-Bedrach an der europäescher Unioun duerch d'Sammele vun Daten iwwer grenzüwwerschreidend Bezuelungen, grenzüwwerschreidend Paiementer virzegoen. Des Date ginn da vu spezialiséierte Beamten aus de Memberstaaten ausgewäert. Déi nei Approche ass net méi déi vum „follow the goods“, mee déi vum „follow the money“. D'Verwaltungen kënnen nämlech net all déi Milliounen u Gidder noverfollegen a fokuséieren sech dofir op d'Paiementer, also op d'Bezuelungen.

Deenen Text gëtt also oder liwwert also déi rechtlech Basis fir dese Kommunikatiouns Austausch. Et ass e wichtegt Instrument, fir en eventuelle Bedrach ze verhënneren.

Eng fundamental Neierung an deem Kontext ass d'Schafe vun enger gemeinsamer europäescher Datebank, genannt CESOP. CESOP steet fir Central Electronic System of Payment (veuillez lire: Central Electronic System of Payment information), also zentralen elektronische System iwwert d'Bezuelungen.

De CESOP gëtt also elo e Schlüsselement am Kampf géint den TVA-Bedrach. D'Memberstaaten sinn derfir verantwortlech, fir d'Donnéen an d'Informatiounen iwwert d'Paiementer an d'Persounen, déi se gemaach hunn, un eeben des zentral Datebank weiderzeleeden. D'Schafe vum CESOP ass iwwregens schonn an engem europäesche Reglement, engem EU-Reglement virgesinn.

D'Verpflichtungen aus der Direktiv spillen eréischt ab 25 grenzüwwerschreidende Bezuelunge pro Trimester un een eenzelne Beneficiaire. Ab 25 Transaktiounen geet een also dovunner aus, dass et sech ëm eng ekonomesch Aktivitéit handelt an net just ëm privat Transaktiounen.

Natierlech gesäit den Text och vir, wéi eng Informatiounen vun den Dénsgschtleeschter gesammelt ginn, fir se un déi jeeweileg Verwaltung weiderzeginn, an och ënner wéi enge Modalitéiten d'Sammele selwer, awer och d'Iwwermëttlung, also den Transfert, gemaach ginn.

D'Donnéen müssen op trimesterieller Basis kommunizéiert ginn an aus Dateschutzgrënn ginn effektiv just d'Donnéen vum Fournisseur erfaasst. D'Direktiv 2020/284 vun der Europäescher Unioun ass ab dem 1. Januar vum nächste Joer, also vum 2024, schonn applikabel an den éischten Datentransfer ass op den 30. Abrëll vum selwechte Joer fäleg.

D'Direktiv gesäit och en Delai fir d'Ëmsetzen an dat nationaalt Recht vir, an zwar den 31. Dezember deses Joers, 2023. Fir weider Detailler iwwert de Gesetzesprojet verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Da wollt ech nach ganz kuerz op déi verschidden Avisen agoen, fir d'éischt op den Avis vum Staatsrot, deen den 20. Juni ugehall gouf. De Staatsrot huet

gefroet, datt den Abschnitt 12 vum Artikel 1 soll gestrich ginn, dat well deenen Artikel am Widdersproch zum EU-Reglement stoe géif. Den europäeschen Text géif net virgesinn, dass Donnéen aus dem CESOP an en nationale System retransferéiert ginn.

D'Kommissioun ass dem Avis vum Staatsrot nokomm an huet en Amendement betreffend den Artikel 1 Paragraph 12 ugehall. Den Amendement huet also elo prezisiéiert, wéi eng Daten um europäeschen Niveau erofgelueden a gespäichert dierfe ginn.

D'Kommissioun huet dem Staatsrot och eng detailléiert Begrënnung fir des Ännerung geliwwert. Konkreet bedeit dat, dass Date just erofgelueden a gespäichert dierfe ginn, wa se et erméiglechen, fir Steuerbedrach feststellen ze kënnen, wéi et am Artikel 77 Paragraph 3 oder am Artikel 80 vum geännerte Gesetz vum 12. Februar 1979 betreffend d'TVA definéiert ass.

An engem zousätzlechen Avis vum 11. Juli huet de Staatsrot sech mam Amendement zefridde gewisen.

Och d'Chambre de Commerce huet e positiven Avis zu deem Gesetzesprojet ofginn. Si begréisst d'Ustengungen, déi gemaach ginn, fir géint Steuerbedrach am Kader vun der TVA virzegoen. Am Avis proposéieren si awer och, eng Lëscht mat Recommandatiounen a Froen opzestellen, fir den Dénsgschtleeschter esou vill wéi méiglech Informatiounen an Erklärungen zum Sammele vun deenen Donnéen kënnen mat op de Wee ze ginn.

D'Chambre de Commerce stellt iwwerdeems fest, datt just e Retard vun der Kommunikatioun vun den Daten explizit sanktionéiert gëtt. Si freet also hei eng Kloestellung zu méigleche Sanktiounen am Fall, wou et den Informatiounen, déi kommuniquéiert goufen, u Qualitéit feelt oder wou se feelerhaft wieren oder sinn. Ënner Virbehalt vun hire Remarque begréisst d'Chambre de Commerce awer dese Gesetzesprojet.

D'Staatsbeamtekummer huet keng weider Remarken zum Projet gemaach a gëtt deementspreechend och hiren Accord.

Fir zousätzlech Detailler verweisen ech op déi respektiv Avisen. Ofschléissend soen ech de Beamten aus dem Finanzministère a virun allem och hei dem Direkter vum Enregistrement villmools Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht bei deem Gesetzesprojet a fir déi vill Erklärungen, déi si eis op Nofro an der zoustänneger Kommissioun geliwwert hunn.

Ech wollt och vun der Geleeënheet profitéieren, fir hei e grouse Merci ze richten un d'Madame Caroline Guezennec vun der Chamberverwaltung an un de Pitt Sietzen vun eiser Fraktioun fir hir respektiv Hëllef bei diverse Projeten an och besonnesch dann deem Projet.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei gëtt dann natierlech zu deem Projet hiren Accord an ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren a fir Är Opmerksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen dem Här Rapporteur André Bauler villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Laurent Mosar.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Merci, Här President. An ech fänken och mat engem ganz, ganz grouse Merci un eisen exzellente Rapporteur André Bauler un, dee wéi ëmmer eigentlech eis dee Projet de loi do op eng einfach, awer kloer Aart a Weis explizéiert huet, soudatt mir näischt aneres iwwregbleift, wéi just nach den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.